CHRISTIAN KMIOTEK

# UERDNUNG MUSS SINN

## DE KMIO SPRÉNGT AUS DER KËSCHT



CAPYBARABOOKS

7 UERDNUNG MUSS SINN

9 POUBELLESPOLICE

13 GERONTOLOGIE FIR UFÄNGER

18 ET MUSS ALLES SENG UERDNUNG HUNN

22 ZÄIT FIR ENG GESCHICHTSSTONN

27 CHRËSCHTDAG ASS NET MÄIN DAG

32 ASS DÄI PAPP GÄERTNER?

38 MIR BASTELEN EIS ENG VERSCHWÖRUNGSTHEORIE – MASTERCLASS 1

42 MIR BASTELEN EIS ENG VERSCHWÖRUNGSTHEORIE – MASTERCLASS 2

46 KANNER, KANNER

51 LOOSS KENG FLÉIEN

57 MIR BASTELEN EIS ENG VERSCHWÖRUNGSTHEORIE – MASTERCLASS 3

60 MIR MUSSEN IWWER D'MËNSCHERECHTER SCHWÄTZEN

66 O HÄR, LOOSS HIER REENEN

72 ET MUSS ALLES ENG UERDNUNG HUNN – OCH AM PRIVATEN

77 ECH SINN EN ECHTE LËTZEBUERGER

## UERDNUNG MUSS SINN

Ee vu menge Liblingsauteuren, de Kurt Tucholsky, huet dësen Aphorismus zum Beschte ginn: »Deutsches Schicksal: vor Schaltern stehen. Deutscher Traum: hinter Schaltern sitzen.«
Éierlech: D'Fransouse sinn doranner och net schlecht, well bei hinne kriss de ouni Postscheckkont keen elektreschen Uschloss, an d'Post mécht der just e Kont op, wann s de eng Stroumrechnung vun Electricité de France weise kanns, déi beleet, dass du do haus.

A well mir Lëtzebuerger jo op der Schnëttstell vun den zwou Kulture liewen, si mir och gutt doranner, d'Leit mat onsënnege Reegelen ze kujenéieren. Okay, et muss alles seng Uerdnung hunn. Deemno hunn ech och näischt dergéint, datt ech am Cactus virun der Théik net méi streide muss, wien um Tour ass, well jo jiddereen en Ticket mat enger Nummer zitt. An datt Verwaltunge mat vill Publikumsverkéier dee System och agefouert hunn, ass u sech eng gutt Saach.

Do ginn ech deslescht bei esou eng Verwaltung, mat engem Guichet unique. Wat net ganz richteg war, well do véier Guichete waren an zwee dervu besat, mat allkéiers enger Damm. Ech wollt just e Formulaire ofginn. Et war soss kee Mënsch do, wéi déi zwou Dammen an ech.

»Moien, ech ginn Iech just dëse Formulaire of.«
Oi, oi, oi!
»Ticket!«
?
»Ticket! Huelt en Ticket!«
…
Okay, kee Moien, kee Wannechgelift.
Ech ganz fein: »Ech wëll just dee Formulaire ofginn.«
»Huelt en Ticket!« An déi eng rëselt de Kapp. An déi aner verdréint d'Aen.
»Et ass dach kee Mënsch hei«, probéieren ech.
»Dir musst en Ticket huelen«, schaalt et duerch den eidele Raum, hallef als Virworf, hallef als Uerder, an nach hallef als Reim op Kallef. Net ausgeschwat natierlech.
Dunn hunn ech mech vaguement drun erënnert: Uerdnung muss sinn.
Bon! Ech hiewen d'Schëlleren. An ech huelen en Ticket.
Ee ganz laange Moment. Dir kennt dat jo och: Wann ee sech dernieft beholl oder blaméiert huet, da kommen déi Ablécker engem wéi eng hallef Éiwegkeet vir.
PLING, an d'Nummer 17 blénkt fir an de Guichet 3.
Ech däerf mäi Formulaire ofginn. Et muss alles seng Uerdnung …

Vläicht nach fir kengem Onrecht ze doen, well Dir jo warscheinlech scho Biller an Ärem Kappkino hat: Et war NET zu Sandweiler. Nee wierklech net.

## ZÄIT FIR ENG GESCHICHTSSTONN

Wat mech op d’Palm dreift, ass wann de ganz rietse Fernand op der Chambertribün oder beim Caroline am *Kloertext* behaapt, mir wären an enger Diktatur, et dierft een net méi alles soen, d’Medie wäre gläichgeschalt. Jee, dee ganzen AfD-, Rassemblement-National- an Trump-Brach. Dat ass dee selwechte ganz rietse Fernand, deen am léifsten direkt eng Zensur wéilt aféieren, fir dann all Kannertheaterstéck mat engem schwule Känguru oder mat soss Personnagen, déi him net an de Krom passen, ze verbidden.
Deemools, wéi d’Medie wierklech gläichgeschalt waren, ënner Hitler, Göring, Goebbels a Konsorten, war et eng Diktatur. An huet zu engem Weltkrich gefouert.

Dofir ass et elo héich Zäit fir e Faktencheck – deemools an haut. Well wéi sot deen een esou schéin: »Aus der Vergaangenheet léieren, fir d’Géigewaart ze verstoen an d’Zukunft ze gestalten.«

Zäit fir eng Geschichtsstonn. Wie feelt? Keen? Gutt! Ma da lass. Keup, wéi vill Leit waren zu Lëtzebuerg tëscht 1939 an 1945 op der Flucht? Wéi, du weess et net? Weess soss een et? Keen? Hätt mech och gewonnert. Also da soen ech iech et, an huelt léiwer Notten, well dat hei prüfungsrelevant kéint sinn.

Et gëtt geschat, datt an der Zäit vum Zweete Weltkrich ongeféier d'Halschent vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung vun deemools … wéi vill? …, ronn 290.000 Leit zu deem engen oder aneren Ament op der Flucht oder verdriwwe wor.
Weidig, du kanns jo gutt rechnen, dat mécht der wéi vill? Richteg, iwwer 140.000 Leit: an der Evakuatioun am Mee 1940 hei am Land oder am Frankräich; als Zwangsrekrutéiert oder am KZ, am Arbeitsdienst oder ëmgesiedelt; an Enn 1944, wéi d'Nazie nach emol zeréckkoumen, waren erëm aner Awunner vum Ländchen op der Flucht viru Bommen a Granaten.

Bei eis an der Famill ass Päischtsonndeg, wa mer all bei der Bom ronderëm de Brot souzen, vu fréier geschwat ginn, vill vum Krich. Dass zu Esch d'Päischtkiermes schonn opgeriicht war. Mee wéi d'Preisen den 10. Mee 1940 amarschéiert sinn an d'Fransousen zeréckgeschoss hunn, ass de ganzen Escher Kanton, 90.000 Leit, een Drëttel vun der Lëtzebuerger Populatioun, evakuéiert ginn, d'Halschent am Land, 45.000 a Frankräich.
Welter, elo verstees du déi franséisch Stroossennimm, gell, firwat et zu Esch eng rue Montpellier an eng rue Mâcon gëtt? Meng Famill koum an d'Bourgogne. A mäi Bop sot: »Obschonn d'Leit do einfach an aarm waren, hunn se alles mat eis Frieme gedeelt.«

Ech hunn elo vu menger Famill geschwat, mee dat ass just e Beispill, där gëtt et der vill, ganz vill, an och Familjen, deenen et vill méi schlecht gaangen ass. Mir mussen doriwwer schwätzen, dir musst dovun erzielen, äre Kanner, äre Kandskanner, mir däerfen net vergiessen. Well mer jo Léieren doraus zéien sollen, aus deene klenge Geschichten, an aus der grousser Geschicht.

Är Hausaufgab fir d'nächst Woch ass also, en Interview mat der Generatioun vun äre Grousselteren ze maachen, dat kann och een aus där Generatioun sinn, deen net vun ärer Famill ass. Minimum 2.000 Wierder iwwer där Persoun hir Erënnerunge vu verdriwwe ginn oder emigréiere mussen. An dir beleet déi Aussoe mat externen historesche Referenzen. Googele kënnt der jo.

Weidig, ech verstinn net, wat et elo ze diskutéiere gëtt, d'Aufgab ass kloer. An ech verstinn och net, firwat mer Dausende Flüchtlingen – Mënschen – am Mëttelmier ersaufe loossen. Ech verstinn net, a wells du jo sou gescheit bass, Weidig, kanns du mer jo erklären, firwat mer Dausende Flüchtlingen – Mënschen – Fraen, Männer a Kanner – a Lageren a Libyen, an der Tierkei, a Griichenland, ënner onmënschleche Konditioune vermuuschte loossen.

Wat ass dann op eemol fir eng Onrou ganz riets am Eck? Mischel, komm du mol un d'Tafel. Du bass jo ganz aktiv

um Facebook an hues en eegene Blog. An do schreifs du, ech zitéieren: *»Mäi Mënschebild ass chrëschtlech gepräägt a baséiert op dem Wäert vu jidder Eenzelen.«* Fin de citation.

Schéi formuléiert. Ma dann erklär eis emol, wéi Konservativer a Rietser a Bronger sech op d'Chrëschtentum beruffe kënnen, op eis sougenannt abendländesch Wäerter, a gläichzäiteg näischt maachen, keng Hand reechen, jo esouguer d'Mënschen an d'Mier zeréckstoussen, an de Bulli, an de Misär an den Doud.

Mischel, kanns du eis erklären, wéi däi chrëschtlecht Mënschebild bei gewësse vun denge Facebook-Posten iwwer Flüchtlinge passt? Esouvill iwwerliwwert ass, huet de Jesus vun Nazareth och jidder Eenzele säi Wäert unerkannt, ob Fra oder Behënnert, ob Houer, Luussert oder Auslänner. Mischel, erklär eis, wéi et méiglech ass, datt eng Partie vun deenen, déi an d'Mass ginn, vergiessen, datt och dem Jesus vun Nazareth seng Elteren zeréckgewise goufen an am kale knaschtege Stall hiert Kand hu missen op d'Welt bréngen.

Kartheiser, wat mauls du dohannen? Du wëlls bestëmmt deng Frëndin ënnerstëtzen. Et sinn »ekonomesch« Flüchtlingen, Kartheiser, ass et dat, wat s du elo grad sos, »ekonomesch Flüchtlingen«?

Aha, ekonomesch Flüchtlingen, sou wéi d'Eltere vum Keup senger Fra, déi aus Sardinie bei eis komm sinn? Oder dach vläicht éischter esou wéi dengem Kolleeg Reding seng auslännesch Business-Clienten?

Vläicht esou wéi dem Kmiotek säin anere Grousspapp, deem seng Famill aus dem Elsass koum, deen hei op der Schmelz als Handwierker geschafft huet an eng – chrëschtlech – Gewerkschaft mat opgebaut huet, nieft dem Räichtum vum Land?

Vläicht esou wéi dem Braz an dem Di Bartolomeo hir Päpp a Grousspäpp, well soss all d'Kartheiseren a Mischelen a Keupen hir Stroossen an hir Haiser hätte selwer misse bauen?

Vläicht esou wéi d'Frontalieren? Ouni déi kee Spidol, keng Crèche a kee Supermarché, keen Altersheem a keen Investmentfong, keng Bank a keng Tankstell funktionéiere kéinten, ekonomesch Flüchtlingen, déi awer eise Liewensstil an eis Pensioune sécheren?
Come on, et si Mënschen! Mënschen, Punkt. Kartheiser: Setzen. Null.

## MIR BASTELEN EIS ENG VERSCHWÖRUNGS-THEORIE – MASTERCLASS 1

Hautdesdaags ass et jo wichteg, sech vun aneren z'ënnerscheeden, seng Perséinlechkeet no vir ze bréngen an net einfach mat der Mass vun de Schof de Leithammelen nozelafen. Wéi kann ee sech vun der Mass differenzéieren, wéi kanns du deng Eenzegaartegkeet affirméieren? Am beschte geet dat mat enger Verschwörungstheorie, mat dengem eegene Verschwörungsmythos! Well och bei de Verschwörungserzielunge gëlt: Laf net iergendenger manipuléierter Meenung no, schaf deng eegen!

Du hei beim Gank, dat schéngt dech z'interesséieren, wéi heeschs du, wann ech froen däerf? ... Serge; also Serge.

Ech ginn dir elo d'Handwierksgeschier an de Grapp a weisen dir un engem Beispill, wéi s du däin eegene Verschwörungsmythos opbaue kanns. Domat hues du däin Alleinstellungsmerkmal, domat kanns du d'Gäscht op engem Iesse richteg verblüffen. Du kanns Adepten ëm dech sammelen, vun deem Moment u bass du dann de Leithammel. Op de sozialen Netzwierker kriss du masseg Follower an onendlech Likes. Leeft et gutt, da kanns du mat enger Petitioun op Chamber-TV optrieden a kënns an d'Zeitung. Wann alles perfekt zesummekënnt, kriss du esouguer deng Stärstonn beim Caro-

line Mart am *Kloertext*, wat dech an deng Theorie nach emol pusht. Esouguer eng politesch Karriär ass dann net méi ausgeschloss.

Mee bis dohi muss du aus dem Näischt, no deenen einfache Reegelen, déi ech dir elo erklären, däi Verschwörungsmythos opbauen.

Ier mer bei dat konkreet Handwierksgeschier kommen, ass et wichteg, dass Dir alleguer an Zukunft dräi Axiomer matenee berücksichtegt. Vläicht als alleréischt: Wat ass en Axiom? En Axiom ass d'Basis vun enger Theorie oder d'Grondlag vun enger Wëssenschaft; am Géigesaz zu enger Thees brauch en Axiom net bewisen ze ginn. En Axiom ass eng Wourecht, déi kee Beweis brauch an dofir de perfekten Ausgangspunkt fir eng Verschwörungstheorie.
Also, déi dräi Axiomer sinn:

1. Et ass net esou, wéi et ausgesäit! Wëll soen: Déi richteg wichteg Saache passéieren am Donkelen.
2. Et gëtt keen Zoufall! An anere Wierder: Et ass alles geplangt, hannert allem stécht eng Absicht.
3. Et ass alles matenee verbonnen! Evenementer, Persounen, Instanzen, vun deenen een ni ugeholl hätt, datt se mateneen zesummenhänken, si verbonnen.

Nëmme mat dësen dräi Grondlagen (Et ass net esou, wéi et ausgesäit; et gëtt keen Zoufall; et ass alles matenee

verbonnen) gëtt deng Verschwörungserzielung e Ganzt an se ergëtt e Sënn, fir dech a fir all déi aner.

Huele mer en einfacht Beispill.
Hei, wéi heeschs du hei an der 2. Rei, da maache mer e ganz anschaulecht Beispill, wann s du erlaabs, et deet och net wéi. … Also Yolande.
Du gees mat denger beschter Frëndin an der Mëttesstonn iessen, has awer vergiess, dengem Mann eppes dovunner ze soen. An der Foussgängerzon leeft däi Mann dir an denger Frëndin iwwer de Wee.

Sou, elo applizéiere mir dat, wat mer geléiert hunn, op dat klengt Beispill hei:

1. Et ass net esou, wéi et ausgesäit! Et handelt sech net ëm eng Meederchersfrëndschaft, mee du an deng Frëndin hutt eng lesbesch Bezéiung. Du wosst et vläicht nach net, mee jidderee soss weess et.
2. Et gëtt keen Zoufall! Däi Mann kontrolléiert heemlech däin Telefon an hat et extra drop ugeluecht, datt dir him an d’Gräpp laaft.
3. Et ass alles matenee verbonnen! Däi Mann iwwerwaacht däin Handy scho ganz laang, hie sicht nämlech eng Ursaach, fir sech scheeden ze loossen, well hien eigentlech schwul ass. Hien ass schwul, well hie vu senger Mamm eleng groussgezillt gouf. Dat läit dorunner, datt ab den 1970er Joren, wéinst de massiven Erhéi-

junge vun de Pëtrolspräisser duerch d'Araber, also Moslemen, den Afloss vun der kathoulescher Kierch zeréckgaangen ass a gläichzäiteg no 1968 de Feminismus de Fraleit Flausen an de Kapp gesat huet. An net nëmmen dat: Denger zukünfteger Ex-Schwéiermamm hire Scheedungsaffekot deemools war de Vullegast.

Voilà. Nun ass dat hei elo kee gutt Beispill fir op Facebook ze setzen, mee dat kann een awer scho ganz gutt am private Krees benotzen an et kritt een domat doudsécher vill Opmierksamkeet. Et ass jiddefalls eng gutt Übung.
Ech entloossen Iech elo an d'Paus, do kënnt Dir Iech ënnerteneen nach e puer aner Beispiller ausdenken, an no der Paus ginn ech Iech dann dat konkreet Handwierksgeschier, fir richteg grouss a weltbeweegend Verschwörungserzielungen ze bastelen.